N°3753
Entrée le 11.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.03.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber
Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister an un den Här Wirtschaftsminister virun ze leeden.

Eist Antitubaksgesetz gesäit a sengem Artikel 3 en allgemengt Publicitéitsverbuet fir Tubak- a Nikotinprodukter vir.

Am 4. Paragraf vun deem Artikel ass eng Deelderogatioun zu deem Verbuet virgesinn. Si gëllt fir Commercen, déi Tubaksprodukter verkafen an zwar an direkter Proximitéit vun de Rayonen, wou déi Produiten ënnerbruecht sinn.

Elo gëtt awer systematesch a verschiddene Commercen, ë.a. Tankstellen, mat grouss ugeluechter Reklammen a Sloganen, wéi “vaut le voyage” operéiert, mat Präisvergläicher mam Ausland a Beispiller, wéi vill ee kann zu Lëtzebuerg beim Tubakskaf spueren. Dat dacks mat Videoen a Biller, déi iwwert dat ganz Lokal ausstralen.

Ofgesinn dovun, datt dat eng Provokatioun vis-à-vis vun eisen Nopeschlänner ass, wollt ech vun de Häre Ministere wëssen:

- Hu si Kenntnis vun esou Verstéiss géint d’Antitubaksgesetz?
- Sinn d’Police an de Parquet vun esou Verstéiss a Kenntnis gesat ginn?
- Wéi vill Verstéiss sinn zanter dem Werbeverbuet fir Tubaksprodukter säit 2005 festgestallt a sanktionéiert ginn?
- Wat fir Strofe goufen ausgesprach?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu